PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Energie weiderzeleeden.

D'EU ass sech eens, dass déi russesch Annexioun vun der Ostukraine wäert wirtschaftlech Konsequenzen no sech zéien. Inwiefern dës Moossname Russland wirtschaftlech treffe wäerten, bleift onkloer. Kloer ass awer, dass d'wirtschaftlech Moossnamen an déi russesch Géigemoossnamen och wäerten d'EU-Länner treffen, zum Beispill um Energiemaart, wou Länner, wéi Däitschland, iwwert d'Hallschent vu senge Gasliwwerungen aus Russland bezitt. Lëtzebuerg selwer importéiert Gas aus Däitschland an aus der Belsch.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kubikmeter Gas, déi all Joer hei am Land verbraucht ginn, entsprangen aus Russland? Wéi vill Prozent vum Gasverbrauch sinn op russesch Quellen zeréckzeféieren?

2. Rechent d'Regierung mat kuerzfristegen Auswierkunge fir d'Versuergungssécherheet mam Gas zu Lëtzebuerg bis den nächste Wanter? Falls jo, wéi preparéiert de Staat sech dorobber?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député